PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 13/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Den Inneminister huet zënter dem 15te Januar fir d'Ëmsetzung vum Heescheverbuet Polizist:innen aus anere Regiounen am Land temporär ofgezunn, fir d'Equipe an der Stad z'ënnerstëtzen.

An enger Chamberssitzung zu dësem Thema am Januar hat de Minister Detailer doriwwer geliwwert, wéi vill Polizist:innen aus dem Land ofgezu goufen. Genee Zuelen huet hien aus Sécherheetsgrënn net an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°191 publizéiert.

An der Press liest een, dass mol net d'Gemenge wëssen, wéi vill Polizisten aus de Kommissariater an hirer Géigend ofgezu goufen. An der Sitzung vum Déifferdenger Gemengerot huet de Buergermeeschter gesot, dass een sech "erkundigen kann", wéi d'Wort an engem Artikel vum 8te Mäerz beriicht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kruten d'Gemengen Zuelen doriwwer, wéi vill Polizisten aus de Kommissariater ofgezunn goufen? Falls nee, wäert de Minister de Gemengen dës Zuelen nach liwweren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten